



MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jacques-Yves Henckes.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour ass haut de Projet de loi 6392, en Accord tëschent Lëtzebuerg a Russland iwwert d'Readmission. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Hauptert, Bettel a Kartheiser.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

## 11. 6392 - Projet de loi portant approbation du Protocole d'application entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Fédération de Russie relatif à la mise en œuvre de l'Accord de réadmission entre la Communauté européenne et la Fédération de Russie du 25 mai 2006, signé à Luxembourg, le 13 septembre 2011

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Bei dësem Projet geet et ëm en Applikationsprotokoll vun engem Accord de réadmission tëschent der Europäescher Unioun a Russland. De Sënn an den Zweck vun den Accords de réadmission ass et, am Beräich vun der Réadmission ze kooperéieren an d'Reckféierung vu Persounen, déi sech illegal um Territoire vun engem Land ophalen, ze erliichteren.

Dat heescht emol an éischter Linn ze garantéieren, dass e Stat iwwerhaupt bereet ass, seng Statsbierger zréckzehuelen, déi sech illegal um Territoire vun deem anere Vertragsstat ophalen. Zum anere sinn awer och net nëmmen déi Persounen viséiert, déi d'Nationalitéit vun deem Stat hunn, dee gefrot gëtt, eng aner Persoun zréckzehuelen, mä och ënner gewësse Konditiounen Persounen aus Drëttstaten a Stateloser.

D'Accords de réadmission, un déi Lëtzebuerg gebonnen ass, sinn zum gréissten Deel Accorden, déi am Kader vum Benelux an Drëttstaten ofgeschloss gi sinn. Ëmmer méi heefeg ginn awer communautaire Accords de réadmission ofgeschloss. Mëttlerweil sinn dat der 13,

déi a Kraaft getruede sinn, a sechs Verhandlungsmandater stinn nach op.

Déi communautaire Accordë gi vun der Europäescher Kommission verhandelt a mussen am Conseil an am Europäesche Parlament ugeholl ginn. Eng Ratifikatioun duerch déi national Parlamenten ass an der Regel net néideg.

Am Accord mat Russland, dee schonn zënter Juni 2007 a Kraaft ass, ass festgehale ginn, dass Russland an d'Memberstaten en additionnell Protokoll, also e Protocole d'application, ofschléisse mussen. Et ass dëse Protokoll, deem déi praktesch Bestëmmunge fir d'Ausféierung vum Accord de réadmission enthält an op deem säi Contenu mer haut bestëmmt net wëllen am Detail agoen, mä iwwert dee mer eis awer haut ze prononcéieren hunn. Dat ass den Objet vun dësem Projet de loi.

Den Ofschloss vun esou engem Protokoll ass besonnesch wichteg gewiescht fir déi Länner, déi Problemer hate mat dem 60-Deeg-Délai, deem a verschiddene Fäll fir d'Äntwert op eng Demande de réadmission virgesi war. Den Accord erlaabt et dann och dofir, am Protocole d'application dovunner ze derogéieren a spezifesch bilateral Délaie fir den Traitement vun deenen Demandé festzeleeën. Lëtzebuerg huet op eng speziell Regel verzicht. E Choix, deem och eis Fraktioun komplett ënnerstëtzt.

Wat den Accord de réadmission selwer ugeet, kann een, wéi och de Conseil d'État, ernimmen, dass d'Obligatioun vu Russland manner staark si wéi déi vun aneren Drëttstaten, déi mat der Unioun esou Accords de réadmission ausgehandelt hunn. Dat ass keen Drama. Mä trotzdem ass et schwéier nozevollzéien, besonnesch wann ee bedenkt, dass d'Unioun deemools Russland entgéintkomm ass, fir d'Ausstelle vu Visaen ze erliichteren, wat oft un esou Verhandlungsoftrag gekoppelt ass, fir iwwerhaupt d'Verhandlungsbereitschaft oprechtzuerhalen oder opzestellen.

Ofschléissend soll een am Fall vu Lëtzebuerg vläicht nach ervirsträichen, dass Répercussione vun deem Accord an domadder och vum Protokoll à ce stade éischter geréng sinn. Am Kader vum Accord, esou hat de Minister d'lescht Joer op eng parlamentaresch UFO geäntwert, sinn 2009 dräi an 2010 zwou Persounen an eng Réadmissionsprozedur komm an ofgefouert ginn. Vläch kann de Minister eis soen, wéi den aktuelle Stand ass a wéi hien dat fir d'Zukunft gesäit. Dat géif eis hei interesséieren.

Dat gesot, hunn ech d'Freed, fir den Accord vun eiser Fraktioun matzebréngen an dann och fir Merci fir d'Opmierksamkeet ze soen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Rapportrice. Elo kritt den Här Bettel d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech wollt am Numm vun deenen anere Parteien allegueren der Madame Mutsch Merci soen.

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Ech huelen un, Dir schléisst dann och den Här Kartheiser do... Neen, den Här Kartheiser seet selwer nach gären ee Wuert. Här Kartheiser, wann ech gelift.

► **Plusieurs voix.**- Ah!

(Interruptions)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President.

(Interruption)

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt mech och dem Merci uschléissen. An deem Punkt sinn ech d'accord mam Här Bettel: D'Madame Rapporteur huet wierklech eng ganz gutt Aarbecht gemaach.

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech wollt awer an dësem Zesummenhang op déi Visafragen agoen an den Här Minister bidden, och bei deenen zoustännegen anere Ministeren an der Regierung ze intervenéieren, well et gëtt mat Russland spezifesch Problemer, an notament zum Beispill mat de Pilote vun der Cargolux.

D'Pilote vun der Cargolux brauchen nach ëmmer e Visa, anescht iwwregens wéi d'Pilote vun anere Loftlinnen aus Däitschland an esou weider. Dat ass e groussen administrativen Opwand fir d'Cargolux. An et ass natierlech och en Nodeel fir déi Airline am Verglach mat aneren. Et wär vläch ganz gutt... Wou den Här Juncker do war nach iwwregens virun e puer Méint, hat e gesot, en hätt en Arrangement fonnt mat Russland, mä et ass nach ëmmer näischt geschitt, et ass nach näischt ëmgesat.

Et wär duerfir gutt, wann Dir, Här Minister, vläch bei Äre Kollegen an der Regierung nach eng Kéier géift insistéieren, datt mer en Arrangement mat de Russe fannen, fir de Pilote vun der Cargolux déiselwecht Facilitéiten ze ginn, wéi d'Pilote vun anere Länner se hunn.

Villmoos Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Da kritt nach eng Kéier d'Wuert den Här Aarbechts- an Immigrationsminister.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Voilà, Merci och fir déi Unanimitéit och op deem heite Projet. Wann ech richteg verstanen hunn, hu mer de Grand Chelem haut, well op deene véier Projeten, déi ech haut representéiert hunn, hu mer all Kéiers eng Unanimitéit.

► **Une voix.**- Fënnel!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Voilà, fënnel, fënnel, pardon, deen heiten derbäi. Fënnel Stéck.

Also villmoos Merci dofir. Ech huelen dat gär, wat d'Piloten ubelaangt vun der Cargolux, mat op de Wee. Sécher ass dat liiert tëschent der Facilitatioun vu Visaen op béide Säiten. Dat ass ëmmer en Donnant-donnant natierlech, wou d'Russe ganz sensibel drop sinn.

Wat elo déi Fro ubelaangt, déi d'Madame Mutsch gestallt huet, kann ech lech soen, datt d'Zuel vun deene Leit, déi an eng Réadmission Lëtzebuerg-Russland komm sinn, net dramatesch an d'Luucht gaangen ass säit 2009. Mir hunn also tëschent 2009 an Enn 2012 zéng Leit zréck a Russland geschéckt, dovun néng volontairement, déi waren also selwer bereet heemzagoen, an ee Retour forcé.

D'Demandes d'asile aus Russland hu sech am Joer '12 op 14 Demandes d'asile aus Russland begrenzt, wat manner wéi 1% vun allen Demandes d'asile hei zu Lëtzebuerg ausmécht.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Minister. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussion a kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6392 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6392 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Christine Doerner), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par Mme Nancy Arendt), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;*

*M. Jacques-Yves Henckes.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn dann och um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um néng Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 16.34 heures)



CHAMBRE DES DÉPUTÉS

d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

# d'Chamber online op www.chd.lu

- L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.